PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Dépôt: GOERGEN Marc

Séance plenière vum 13ten Juli 2023

Lëtzebuerg, den 13/07/2023

# Motioun

**D'Chamber vun den Deputéierten stellt fest:**

- Aus engem Schreiwes vun der Personaldelegatioun vum TICE geet ervir, dass déi bestoend Konventioun bis 2024, tëscht dem TICE an dem Ministère fir Mobilitéit, net méi soll verlängert ginn ;
- Am Schreiwes gëtt erkläert, dass verschidde Linnen net méi solle subventionéiert ginn ;
- Den TICE Reseau ass ouni d'Ënnerstëtzung vum Staat net finanziell ze stemmen ;
- Ouni déi weider voll Ënnerstëtzung vum Staat kéint et zum Sträiche vu Linne kommen an Aarbechtsplaze missten ofgebaut ginn.

**Aus dëse Grënn invitéiert d'Chamber vun den Deputéierten d'Regierung:**

1. Fir d'Konventioun mam TICE och no 2024 weider lafen ze loossen, dëst ouni Sträiche vu finanziellen Hëllefen ;
2. Fir den TICE Reseau grad wéi de RGTR weider ze förderen.

Marc Goergen